N°1926
Entrée le 13.03.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

**Äntwert vum Finanzminister, Gilles Roth, op d'parlamentaresch Fro n°1926 vum 12. Februar 2025 vun der éierbarer Deputéiert Corinne Cahen**

D'Ausso « dass elo mol d'Steiererklärung vun 2020 géing traitéiert ginn » ass an dem Sënn an de Kontext ze setzen, datt, bedéngt duerch d'Verjärungsdauer vu 5 Joer, déi an der Abgabenordnung (AO) festgehalen ass, d'Steierbüroen aktuell, déi nach net besteiert Dossiere vum Steierjoer 2020 solle primär instruéieren an esou séier ewéi méiglech besteieren, fir dem Receveur déi néideg Zäit ze ginn eventuell Steierscholden anzedreiwen.

Natierlech limitéiert sech de Steierbüro net nëmmen op besoten Dossieren, mä besteiert parallel déi aktuell Steierjoren.

D'Situatioun vun de net besteierten immatrikuléierten Dossieren huet an de leschten zwee Joer wéi follegt evoluéiert :

| Steierjoer | Stand Enn Januar 2024 | Stand Enn Januar 2025 |
|---|---|---|
| **2020** | 2,09 % | 0,60 % |
| **2021** | 5,26 % | 2,15 % |
| **2022** | 33,73 % | 7,27 % |

Bei de verschidden agetruedene Verspéidunge kënne méi Facteuren, ewéi zum Beispill d'Komplexitéit vum Dossier, an awer och de Moment vum Erareeche vun der Deklaratioun, respektiv d'Kooperatioun vum Steierflichtege bei der Instruktioun eng Roll spillen. Et ass hei och drun z'erënneren, datt zanter dem Steierjoer 2022 den Delai fir d'Erareeche vun de Steiererklärunge vum 31. Mäerz op den 31. Dezember no hanne geréckelt ginn ass.

Aktuell si keng gréisser geographesch oder steierbürobezunnen Ënnerscheeder bekannt.

Prinzipiell traitéieren d'Agente vun de Steierbüroen déi Deklaratiounen an der Reiefolleg, wéi se deposéiert ginn. Natierlech ass jeeweils den Inhalt an d'Qualitéit vun den Deklaratiounen ausschlaggebend, wéi séier eng Besteierung ka gemaach ginn.

D'Steierverwaltung iwwerpréift och konstant d'Evolutioun vun de Steierdossieren, esou wéi vum Personal an de Steierbüroen an ënnerhält reegelméisseg déi néideg Adaptatiounen. Rezent rekrutéiert d'Steierverwaltung och verstäerkt fir esou den Ufuerderungen nach besser gerecht ze ginn. An dësem Kader ass och z'ernimmen, datt dem Steierflichtegen zanter dem Steierjoer 2021 en digitalen Assistent MyGuichet.lu zur Verfügung steet, fir d'Steiererklärung integral iwwert den informatesche Wee ze deposéieren.

Des Weideren ass d'Steierverwaltung och beméit den digitale Prozess weider ze féieren an huet esou de 16. Januar 2025 engersäits d'Virausfëllen vun der Steiererklärung, ewéi eng vereinfacht Steiererklärung virgestallt, fir dem Bierger déi steierlech Demarchen ze vereinfachen.

Lëtzebuerg, den 13. Mäerz 2025
De Finanzminister
(s.) Gilles Roth